

Lëtzebuerg, den 31. Oktober 2019

Monsieur Fernand ETGEN  
Président de la Chambre des Députés  
LUXEMBOURG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Umwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Minister fir Energie a Raumentwécklung weiderzeleeden:

*„A Finland ass rezent en internationaalt Sprangturnéier mat Stroum versuergt ginn, den aus den Exkrementer vun de Päerd hiergestallt ginn ass! Während féier Deeg sinn zu Helsinki ronn 100 Tonne Päerdsexkrementer gesammelt a verbrannt gi fir Stroum ze produzéieren. De Projet „Horse Power“, den et a Finland schonn zanter 5 Joer gëtt, huet während dem Turnéier 150 Megawatt Stroum produzéiert an dat huet de Stroumbedarf vum ganze Concours an der finnescher Hauptstadt ofgedeckt.*

*D'Exkrementer vun 2 Päerd géife beispillsweis duergoen fir en Eefamilljenhaus während engem ganze Joer ze hëtzen, esou d'Responsabel vum Projet.*

*An dësem Kader géif ech gäre folgend Froen un d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Minister fir Energie a Raumentwécklung stellen:*

- *Hunn d'Ministeren sech scho mat dem Thema befaasst a ginn et eventuell scho Machbarkeetsstudien fir en ähnleche Projet zu Lëtzebuerg ze lancéieren?*
- *Wëssen d'Ministeren op et bei de Stroumproduzenten um Lëtzebuenger Marché Iwwerleeungen gëtt an esou e Projet ze investéieren?*
- *Kënnen d'Ministeren sech virstellen en ähnleche Projet zu Lëtzebuerg an d'Liewen ze ruffen, respektiv ze ënnerstëtzen?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Max HAHN  
Deputéierten